

Gemeng Biekerech – Um Wee zur Energieautarkie

D'Gemeng Biekerech ass mat hiren 8 Dierfer am Weste vum Land un der belscher Grenz situéiert a gehéiert zum Kanton Réiden. Kuerz virun der franséischer Revolutioun am Joer 1795 krut Biekerech de Statut vun enger Gemeng zougesprach.

Ewéi déi meescht Gemengen aus dem Norden a Weste war och Biekerech virun allem duerch landwirtschaftlech an



handwierklech Aktivitéite geprägt. Bekannt am ganze Land woren am 19. Jorhonnert d'Biekerecher Kuerfmécher, déi mat grousem handwierkleche Kënnen aus de Weiden beim Milleweier héichqualitativ Kierf hirgestallt hunn. Eng Kappweid am Logo vun der Gemeng Biekerech erënnert nach hautdesdaags un déi vergaangen Handwierkskonscht.

Mam Opkomme vun der Stolindustrie am Minette am Ufank vum leschte Jorhonnert, huet de Stellwäert vun der Landwirtschaft an der Regioun lues awer sécher ofgeholl. Mam Ënn vun der Schmuelspuer-Eisebunnsliin „Prince Henri“ am Joer 1969 gouf den Aarbechtswee fir d'Biekerecher Schmelzaarbechter eng Zoumuddung, sou datt d'Gemeng an den nächsten zwou Dekaden ee regelrechten Exodus kënnegeléiert huet. Vun 1910 bis 1981 hat d'Gemeng Biekerech 30% vun hirer Populatioun verluer.

Mat der Grënnung vun der „Eaux Minérales de Beckerich“ 1985 huet sech déi finanziell Situatioun vun der Gemeng erholl, wat de Wee opgemaach huet fir eng staark Verbesserung vun der Liewensqualität vun de Biekerecher Bierger.

Klima- a Naturschutz krute Mëtt der 90er Joren eng zentral Bedeitung an der Gemengepolitik. A ville Projeten huet Biekerech als Grënnungsmember vum Klimabündnis Lëtzebuerg eng Pionéierroll am Land gespillt, sou z.B. 2004 bei der Installatioun vu gemeinschaftleche Photovoltaikanlagen op kommunalen Diech. Dat selwecht Joer wor de Start vum Fernwärmenetz, deen op den haitegen Datum 50% vu den Dierfer aus der Gemeng mat Hëtzes aus erneierbaren Energien versuergt.

Als staarke Partner bei der Energieproduktioun huet sech eng Kooperativ vun 19 Bauere gegrënnt, déi eng Biogasanlag op Méimerech mat enger Leeschtung vun 600 kW selwer finanziert hunn. 3 Joer drop wor d'Nofro no der lokal produzéierter Wäermt bei de Bierger esou gewuess, datt d'Gemeng gefuerdert war, dës Demande mat enger Holzhackschnitzelanlag vun 2 MW ze decken. 2015 gouf ee weideren Holzuewen mat 2 MW opgeriicht, fir och an Zukunft de Bierger genuch Wäermt kënnen ze garantéieren.

Dës Engagementer hunn dozou gefouert, datt Biekerech 2015 mat 3 weidere Lëtzebuergesche Gemengen zu Leipzig fir hir ausseruerdentlech Leeschtungen am Klimaschutz mam internationale Präis „European Energy Award“ ausgezeechent ginn ass.

Eng weider wichteg Auszeechnung kruten d'Biekerecher Bierger schonn 1996 fir hir jorelaang Beméiungen an der ländlecher Entwécklung, den europäeschen Duerferneierungspräis. Ee Präis, deen d'Gemeng Biekerech als eenzeg Lëtzebuurger Gemeng 2 mol krut huet. Dëst fir d'lescht 2014 zesummen mat den 9 weidere Gemengen aus dem Kanton Réiden.

D'Zesummenaarbecht tëscht den 10 Gemenge vum Réidener Kanton gouf an deene leschten 20 Joer zum Pilier vun der Entwécklung am Westen. Een Altersheim, eng Schwämm, eng Museksschoul zwou Industriezone konnten nëmmen zesumme realiséiert ginn. Initiativen, wéi déi éischt Energieberodungsstell aus dem Land an eng regional Aarbechtsbeschafungsinitiativ fir Jonker sinn 2 weider erfollegräich Beispiller, wéi Innovatioun duerch Kooperatioun geschafe gëtt.

D'Gemeng Biekerech huet eng rasant Entwécklung an de leschten 30 Joer erlieft. Dës Entwécklung duerch déi sëllege Projeten an der Gemeng an am Kanton gëtt och an den nächste Jore weidergedriwwen, dëst mam kloren Zil vun der Energieautarkie bis 2030.

Gemeng Biekerech